Versioun 2/2023

Wat heescht et Pirat ze sinn?

www.piraten.lu *Tél.: 20 33 37* *ahoi@piraten.lu*

D’Piraten sti beim Thema **Aarbecht**:

+ Flexibel Aarbechtszäiten a Modeller D’Notzung vum Interim méi staark agrenzen

+ Gläich Aarbechtsrechter fir Leit, déi Beschäftegungsmoossname schaffe bei der ADEM

+ Den Index soll erhale bleiwen

+ Ee Steierfräie Mindestloun

+ Keng Diskriminatioun op der Aarbechtsplaz vu Leit wéinst Handicap, anerer Hautfaarf, anerem Geschlecht, etc.

+ Anonym Kandidaturen bei Bewerbungen

+ Méi Kontrolle vun der ITM, fir dass d’Aarbechtsgesetzer iwwerall respektéiert ginn

= Eng sozial gerecht Aarbechtspolitik an eng gutt Work-Life-Balance

D'Piraten sti beim Thema **Aussepolitik**:

+ D'Mënscherechter konsequent verdeedegen a Minoritéiten schützen

+ Fir de Schutz vun der Ukrain

+ Fir staark LGBTIQ* Rechter an der EU an och international

+ Fir een héijen Niveau vun Entwécklungs- a Kooperatiounshëllef (op mannst 1% vum RNB iwwert déi lescht 3 Joer)

+ Fir oppe Grenzen am Schengenraum

+ Fir eng Reform vun der EU, déi dem Bierger a sengem Parlament méi Rechter gëtt an déi Europa méi onofhängeg mécht.

= Piraten si weltoppen, tolerant an iwwerhuele Verantwortung fir eis Matmënschen am Ausland

D'Piraten sti beim Thema Asyl:

+ Géint illegal Push-backs vu Migranten duerch aner EU-Staaten

+ Fir de Schutz fir LGBTIQ* Demandeuren a Whistleblower

+ Einfach Familljenzesummeféierungen

+ Méi einfachen Integratiounsméiglechkeete vu Migranten hei am Land duerch Aarbecht

+ D'Piraten notzen d'Wuert "Flüchtling" net Mir schwätzen éischter vu "Geflüchteten"/ "Leit op der Flucht" / "Demandeur de protection" oder "Bénéficaires de Protection"

= Fir ee besseren Ëmgang mat den Demandeuren an Bénéficiairë vu Protection hei am Land

D'Piraten sti beim Thema Bildung:

+ Fir eng besser Valoriséierung vum Handwierk

+ Fir besser Centres de compétence

+ Fir besser santé mentale an de Schoulen

+ Fir eng Alphabetiséierung op Däitsch an op Franséisch

+ Fir gutt Aarbechtskonditioune vum Schoulpersonal

= Fir méi ee faire Schoulsystem fir all Kand

D’Piraten sti beim Thema Chancegläicheet:

+ Géint all Diskriminatioun um Aarbechts- oder Logementsmarché

+ Fir méi flexibel Aarbechts- a Congésmodeller

+ Fir méi Hëllefen, fir Affer vu sexueller Gewalt

+ Fir gläich Bezuelung tëscht alle Geschlechter

+ Fir de Schutz vun intersex Kanner

= Fir d’Pirate gëtt et net nëmme Mann a Fra. Dofir schwätze mir vu Geschlechtergerechtegkeet amplaz Gläichstellung tëscht Fra a Mann

D'Piraten sti beim Thema Déiereschutz:

+ Fir d'Stäerkung vun der nationaler Landwirtschaft, well mir heiheem d'Déierwuel besser kontrolléiere kënne wéi am Ausland.

+ Fir méi Kontrolle vun der Veterinärsinspektioun bei Déierentransporter a Baurenhäff

+ Fir eng Moderniséierung vun der Juegd: géint Klappjuegten, mee fir eng Reform vum Juegdgesetz mat manner Juegdlousen a méi professionelle Jéeër.

= Fir d'Piraten sinn Déieren Liewewiesen mat Gefiller, déi eise Respekt verdéngen

D'Piraten sti beim Thema Digitaliséierung:

+ Géint all Aart vu Masseniwwerwaachung

+ Keng Chatkontroll, keng biometresch Masseniwwerwaachung, keng Vorratsdate-späicherung

+ Fir méi administrativ Demarchen iwwer Internet

+ Fir de Gebrauch vun Open Data an Open Source

+ Fir digital Inclusioun fir jiddereen (eeler Leit, Leit mat Handicap, DPI,...)

+ Fir gratis Wifi op ëffentleche Plazen

= Fir eng Digitalisatioun, déi fir jiddereen accessibel ass

D'Piraten sti beim Thema 3ten Alter:

+ Fir anstänneg Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer

+ Fir ee gutt funktionéierenden Adapto

+ Fir en alters- a behënnertegerechten Transport

+ Fir besser Qualitéitskontrollen an den Alters- a Fleegeheemer

+ Fir d'Bäibehale vun Ulafstelle fir eeler Leit, wéi d'Spuerkeess a Postshops

+ Fir fair Pensiounen

= Fir eng gerecht Behandlung an Inclusioun vun eisen eelere Matbierger:innen

D’Piraten sti beim Thema Drogepolitik:

+ Fir Legaliséierung vum Cannabis

+ Fir d’Entkriminaliséierung vum Drogekonsum

+ Fir méi dezentral Hëllefen, fir drogekrank Persounen z’empfänken

= Drogekranke Leit muss een hëllefen a se net kriminaliséieren

D'Piraten sti beim Thema Ëmwelt, Klima & Natur:

+ Fir d'Unerkenne vun der Klimakris an dem Biodiversitéitsverloscht

+ Géint d'Zoubetonéiere vun neie Flächen

+ Fir méi Natur an eise Stied

+ Fir ee Staat & Gemengen, déi mam gudde Beispill virginn (Kafe vu nohaltege Produkter)

+ Fir eng Förderung vun der Biolandwirtschaft hei am Land

= Fir eng méi ressourcëschounend an ëmweltfrëndlech Politik, wéi ënnert der aktueller Regierung

D'Piraten sti beim Thema Energie:

+ Fir de massiven Ausbau vun erneierbaren Energië

+ Fir den Ausbau vun der Elektromobilitéit bei Autoen an Hydrogen/E-fuels bei Camionen a Fligeren

+ Fir nei Nohaltegkeet, duerch zum Beispill carbon capture (Opfänke vu n CO2 aus der Loft)

+ Géint Atomstroum an d'Notzung vun Nuklearenergie

+ Fir eng fair CO2-Steier a Form vun engem Klimabonus: mir wëllen d'Spuere vun Energie steierlech belounen an nëmmen d'Iwwernotzung besteieren

= Fir erneierbar Energien

D'Piraten sti beim Thema Familljepolitik fir:

+ Ee richtege Choix, ob ee säi Kand wëll an d'Kannerbetreiung ginn oder selwer doheem versuergen

+ Een Ausbezuele vum chèques service d'accueil un d'Elteren (Elteregeld), wann se hir Kanner net an d'Crèche ginn

+ Méi exzeptionell Congésdeeg, wann ee Familljemember stierft, ee bestuet gëtt, Krankheet vu Kanner, Partner, etc.

+ Gläich Rechter fir gläichgeschlechtlech Koppelen

+ Méi Wunnengen an Hëllefsmoossnamen fir Affer vun haislecher Gewalt

= Fir eng Familljepolitik, déi de Leit ee Choix gëtt

D’Piraten sti beim Thema Gesondheet fir:

+ Een Zesummeleeë vun alle Spideeler ënnert engem grousse Grupp mat enger klorer Missioun

+ Ee besseren Accès zum Gesondheetssystem: méi Personal an de Spideeler, eng besser Versuergung ausserhalb vum Spidol

+ Méi Unerkennung vun der mentaler Gesondheet (bessere Schutz vu Patienten a Psychiatrien)

+ Eng Krankeversécherung fir jiddereen

+ Ee méi einfachen Zougang zu verschiddene Medikamenter, dorënner medezinesche Cannabis & d’Anti-Baby-Pëll

= Fir eng besser Gesondheetsversuergung iwwerall am Land a fir jiddereen

D'Piraten sti beim Thema **Justiz**:

+ Fir méi Hëllefe fir Leit mat wéineg Geld, déi mussen d'Affekote bezuelen (assistance judiciaire)

+ Dofir, dass d'Dierwiechter zu Fonctionnairë gemaach ginn an d'Notairen an d'Affekoter fest Tariffer kréien

+ Fir een Ausbau vu méi gratis Schlichtungsstellen a Prozeduren, fir d'Justiz z'entlaaschten

+ Fir de Respekt vun der Onofhängegkeet vun der Justiz

+ Fir eng Verbesserung vun de Justizprozeduren, duerch méi Transparenz (méi ëffentlech Statistiken a wëssenschaftlech Krittären)

= D'Piraten respektéieren d'Onofhängegkeet vun eiser Justiz, mee wëllen an de Prozedure méi Transparenz

D'Piraten sti beim Thema Logement:

+ Fir eng Grondsteier an eng Leerstandssteier

+ Fir eng Deckelung vun de Kommissioune vun Immobilienagencen

+ Géint d'Erweiderung vum Bauperimeter, well genuch Fläche fir ze bauen do sinn

+ Fir méi séier Bauprozeduren duerch een digitalen an transparente Guichet

+ Fir méi dicht an héich Bauten

+ Fir méi erschwénglech Wunnengen an ëffentlecher Hand

+ Fir méi Hëllefe fir Leit, déi an hire Gemenge wunne bléiwe wëllen

= Fir eng Logementspolitik, déi et de Leit erméiglecht hei am Land wunnen ze bleiwen

D'Piraten sti beim Thema Matbestëmmung fir:

+ Méi Biergerbedeelegung vun normale Bierger duerch ee Biergerrot

+ Den Ausbau vu Programmer wéi fro.lu

+ Referenden zu wichtegen Themen

+ Eng Stäerkung vun der onofhängeger Press a fräischaffende Journalisten

+ De Schutz vu Whistleblower

+ Eng Reform vun de Walbezierker (just e Walbezierk)

= Fir méi Matbestëmmungsméiglechkeete fir Leit, déi keng Politiker sinn

D'Piraten sti beim Thema Mobilitéit fir:

+ Een ëffentlechen Transport, dee Loscht mécht, fir den Auto doheem stoen ze loossen

+ Den Ausbau vun der Elektromobilitéit bei Autoen an Hydrogen/E-fuels bei Camionen a Fligeren

+ Den Ausbau vu sécheren an ofgetrennte Vëlospisten

+ D'Reduzéierung vum Trafic hei am Land duerch een Ausbau vum Télétravail, Coworking Spaces un der Grenz, Navettë vun der Gare an d'Wirtschaftszonen, digital Vignette, ...)

= Fir eng nohalteg a komfortabel Mobilitéit

D'Piraten sti beim Thema **Sozialpolitik** fir:

+ Fair Léin a sozial Hëllefen, mat deenen ee liewe kann

+ Ee respektvollen Ëmgang mat Mënschen, déi op Staatshëllefen ugewise sinn

+ Méi Hëllefe beim Logement fir Sans-abrisen, Affer vu Gewalt, Jonker, Ex-Prisonéier, etc. (Beispill: Housing first)

+ Eng besser Accessibilitéit fir jiddereen (liicht Sprooch, etc.)

+ Ee besseren Accès a Gebaier a Servicer fir Leit mat Handicap

+ D'Aféiere vun engem Grondakommes

= Fir ee staarke Sozialstaat, dee mer eis leeschte wëllen an deen déi Schwächsten an eiser Gesellschaft opfänke muss

D'Piraten sti beim Thema Steieren fir:

+ Eng Steierklass fir jiddereen, onofhängeg vu sengem Bezéiungsstatus

+ Ee steierfräie Mindestloun

+ Ee gläiche Steiersaz, deen op all Zort vu Revenu gläich gëllt (Salaire, Gewënn, Zënsen, Loyer)

+ E bësse méi héich Steiere fir Groussverdénger (ab 200.000€/Joer fir 1 Persoun)

+ D'Beloune vu gespuertem CO2 duerch ee Klimabonus

= Fir eng einfach, modern & fair Steiererklärung

D'Piraten sti beim Thema Transparenz fir:

+ Transparenz an der Chamber (uerdentlecht Transparenzregister, ëffentlech Kommissiounssëtzungen)

+ Transparenz bei der Regierung (Arrêt Clement)

+ Transparenz an de Gemengen (Livestream)

+ Transparenz an der Justiz (méi ëffentlech Statistiken a wëssenschaftlech Krittären)

= Méi Transparenz bedeit, dass d'Bierger sech besser informéiere kënnen an d'Entscheedunge vun de Politiker selwer hannerfroe kënnen

D'Piraten sti beim Thema Wirtschaft:

+ Fir ee Wirtschaftswuesstem, bei deem net nëmmen de PIB gekuckt gëtt, mee och aner Indicateuren (Flächeverbrauch, Ressourcëverbrauch, Trafic, Knascht)

+ Fir wirtschaftlech Projeten, déi an eist Land passen an eis Ressourcen optimal asetzen (Land, Waasser, Energie) (z.B. keng Jughurtsfabrick)

+ Fir ee Bäibehale vu kriteschen Infrastrukturen an ëffentlecher Hand (Waasser, Gas, Stroum)

+ Fir vereinfacht Firmegrënnungen a manner Bürokratie fir kleng Firmen

+ Fir eng staark Finanzplaz, déi de Motor vun eiser Wirtschaft a géint Greenwashing op der Finanzplaz ass

= Fir eng Wirtschaft, an deem och normal Leit a kleng Betriber sech verwierkleche kënnen